

duerchbléck!

Politik verstoen Nr. 8



ZUKUNFT ELO?!

Version
FR & DE
sur www.zpb.lu

Eng Auswiel
vu Material op
Lëtzebuergesch

Contenu

POLITIK LÉIEREN

- 3 Global Goals –
Zukunft fänkt haut un
- 4 Zukunftsvisiounen –
Gëschter an haut
- 5 Erfinderbourse –
Fortschrëtt duerch Technik?
- 6 Tagebuchantrëg aus der Zukunft

- 8 Impressum

Global Goals – Zukunft fänkt haut un

D'UNO-Memberstaaten hunn decidéiert, bis 2030 global Ziler unzestriewen, déi der Mënschheet eng nohalteg Entwécklung fir d'Zukunft erméiglechen. Dobäi gëtt sech op 17 Beräicher konzentréiert.

- Verbann mathëllef vun Zuelen déi verschidde **Beräicher** mat passenden **Handlungsméiglechkeeten**.

- Wielt Beräicher aus, déi fir lech Prioritéit hunn. Argumentéiert firwat.
- D'Zukunft fänkt bei dir un. Wat kann e Land wéi Lëtzebuerg oder esouguer eng eenzel Persoun maachen, fir Verantwortung ze iwwerhuelen? Stellt a Gruppe jee weils eng Lëscht mat Virschléi zu den eenzele globalen Ziler zesummen a stellt se vir.

1. Aarmut besäitegen

2. Null Honger

3. Gutt Gesondheet a Wuelbefannen

4. Gutt Bildung

5. Geschlechtergerechtegkeet

6. Nohalteg Gestuon vum Waasser a Sanitärversuergung

7. Bezuelbar a propper Energie

8. Gutt Jobs an ekonomesche Wuesstum

9. Industrie, Innovatioun, Infrastruktur

10. Onglächheete verréngeren

11. Nohalteg Stied a Gemengen

12. Nohalteg Konsum- a Produktiounsmusteren

13. Aktiounen fir Klimaschutz

14. Liewen ënner dem Waasser

15. Liewen u Land

16. Fridden, Justiz a staark Institutiounen

17. Partnerschafte fir d'Ziler

Selwer verantwortungsvoll mat Waasser ëmgoen, z. B. dusche statt bueden.

Benodelegt a vulnerabel Leit schützen an um ëffentleche Liewen deelhuele loosse.

Waasserverschmutzung (z. B. duerch Plastik) verhënnere.

Gewalt géint Fraen a Meedercher verhënnere (sexuell Ausbeutung, Zwangsbestietnes, Mënschenhandel a Sklaverei, Genitalverstümmelung).

E sécher Ëmfeld fir Kanner schafen, wou hinne Perspektive fir d'Zukunft gebuede ginn.

Zougang fir jiddereen op Basis-Service (z. B. ëffentlechen Transport oder Aarbechtslosegeld).

Alternativ Energietechnologien entwéckelen a benotzen.

E faire, korrupsionsfräie Justizapparat, dee jiddereen gläich behandelt.

Awunner*innen an d'Verbesserung vun hire Stied mat abannen an eis Gebaier op d'Klimakatastroph virbereeden.

Déi lokal Liewensmëttelproduktioun ënnerstëtzen. Innovative Liewensmëttelubau (z. B. Hydrokulturen) an d'Realitéit vu Klengbaueren, Flüchtlinglager a Slums droen, esou datt d'Leit sech autonom ernäre kënnen.

Bezuelbaren Internetaccès fir alleguer d'Mënschen.

Wegwerfproduiten a Liewensmëttelverschwendung vermeiden.

Zesummenaarbecht vun all den Natiounen, fir eng Upassung un de Klimawandel a seng Impakter ze erméiglechen.

Impfungen an eng ugepasst Ernährung fërderen, fir d'Iwwerliewenschancë vu klengen Kanner ze erhéijen.

Kooperatioun tëschent de Regierungen an Zesummenaarbecht mat hire Biergerinnen a Bierger, fir d'Ziler bis 2030 ze errechen.

D'Méiglechkeet, eng sécher, gerecht bezuelt Aarbecht ze fannen.

Beem an Hecke planzen. Bëschstierwen an Desertifikatioun bekämpfen.

Zukunftsvisionen – Gëschter an haut

Et ass ganz warscheinlech, datt an deenen nächsten zwanzeg Joer zwou vun de gréisste Kränke vun der Mënschheet – d'Tuberkulos an de Kriibs – ganz besätteg oder esou enner Kontroll wäerte sinn, datt se net méi als geféierlech kënnen ugesi ginn. Béd Krankheete wäerte geneesou bewältegt ginn ewéi Diabeetes an de leschte Jore scho gemeeschtert ginn ass.

An zwanzeg Joer wäert den universelle Fernseh eng aldeeglech Ugeleeënheet sinn. D'Leit wäerten d'Méiglechkeet hunn, mat engem Frënd, deen dausend Kilometer wäit ewech ass, ze telefonéieren an e gläichzäiteg ze gesinn. Dat selwecht wäert och beim Radio de Fall sinn, wou Dir jidderzäit kënt gesinn, wat gesent gëtt. De Fernseh huet nach e puer gréisser Iwwerraschunge fir eis a seng Uwendunge kéinten eis ganz Liewensweis esou revolutionéieren, wéi den Telefon se revolutionéiert huet.

Zukunftsvisionen haut – Mir liewen an Zäite vum Cyberpunk!

D'Technologien an hiren Afloss op d'Mënsche gi gären a Science-Fiction-Bicher, Filmer a Spiller opgegraff. Kuckt iech de follgende Kuerzdocumentaire un an haalt fest, firwat de Genre Cyberpunk hautdesdaags nees esou populär ass.




- Vergläicht d'Cyberpunk-Zukunft mam Gernsback senger Zukunftsvision. Wat fällt iech op?

➔ Den Hugo Gernsbacher ass de Fils vun engem jiddesche Wäinhändler aus Lëtzebuerg. 1904 ass en an d'USA ausgewandert, wou e sech „Gernsback“ ëmbenannt huet. De Gernsback huet zu Liewenszäite méi ewéi 80 Patenter deposéiert an huet mam Thomas Edison an Nicola Tesla korrespondéiert. 1929 huet e fir d'éischt de Begrëff „Science Fiction“ am Virwuert vu sengem Magasinn *Science Wonder Stories* benotzt.

Quell: Luxemburger Autorenlexikon

Et wäert vläicht eng Zäitchen daueren, bis eng universell Wiedersteuerung tatsächlech méiglech ass, mee an den nächsten zwanzeg Joer wäert ee kënnen mat elektresche Mëtzel op d'mannst Ree verursaachen, wann néideg iwver Stied a landwirtschaftlechen Notzflächen.



bearbescht Foto: Alfred Eisenstaedt (1963) <https://web.archive.org/web/20090521103958/http://www.life.com/image/72386721/in-gallery/25371/30-dumb-inventions>

Déi duerchschnëttlech Liewenserwaardung vun de Mënschen ass zanter dem Mëttelealter vun ongeféier 40 op 60 Joer eropgaangen. De Mënsch kann domat rechnen, am Laf vun der Zäit nach vill méi laang ze liewen, wat op eng besser perséinlech Hygiène, besser sanitär Arichtungen an e bessert Verständnis vun der mënschlecher Maschinn zeréckzeféieren ass. Ech sinn zouversichtlech, datt den aktuellen Duerchschnëtt vu 60 Joer bis zum Enn vun deenen nächsten zwanzeg Joer ëm wéinstens fënnf, vläicht esouguer zéng Joer eropgeet.

Quell: Gernsback Hugo (1927). Twenty years hence. Science and Invention, 5 (25).

Filmtipp: Tune into the Future (L, 2020) – Den Documentaire weist, wéi de Gernsback zum Nodenken iwver Technologie an Zukunftsfroen urrege wollt. De Film, Begleedmaterial an en Hugo-Gernsback-Dossier (CNL) si gratis verfügbar op Films4Schools.



- De Gernsback hat dës Projektione fir 1947 gemaach. Wat huet hie fir d'Zukunft erwaart? Wat fir eng Theme ginn ugeschwat (z. B. Klima, Ëmwelt asw.)? Wat fir eng Problemer wollt e léisen?
- Hu sech seng verschidden Iddien tatsächlech verwierklecht?
- Maacht eng Projektion fir eng techesch Entwécklung, déi d'Welt brauch. Fügt och eng erklärend Zeechnung dobäi.
- Diskutéiert: Beim Gernsback sengen Texter schwätzt ee vu „radikalem techeschen Utopismus“. Sidd Dir der Meenung, datt nei Technologien automatesch Fortschrétt fir alleguer d'Leit mat sech bréngen?

Erfinderbourse – Fortschrëtt duerch Technik?

D'Zukunft hänkt och vun eiser Virstellungskraaft of. De Philo Farnsworth huet 1921, am Alter vu 15 Joer, d'Grondlage fir d'Technik vum Fernseh niddergeschriwwen. Mat 19 Joer huet de Blaise Pascal 1642 eng vun den éischten automatesche Rechemaschine gebaut, déi mathëllef vun Zännrieder Additiounen a Substraktiounen konnt maachen. Hautdesdaags tüftele jonk Leit u Bio-Plastik, dee vu Bakterien zersat ka ginn, oder u Baumaterial aus ale Plastikfläschchen.

D'Erausfuerderunge vun enger onsécherer Zukunft brauchen de Courage, fir selbstänneg Problemer ze léisen. Oppenheet a Kreativitéit erméiglechen den Ëmgang mat Verännerungen. Et wäert een nei Weeër agoen a Konventiounen a Virurteeler ofleeë mussen. De Saz „Esou hu mir dat schonn ëmmer gemaach“ bréngt een an enger Welt, déi sech ännert, meeschtens net weider.

- Bestëmm fir dech selwer e Problem, mat deem mir eis an Zukunft auserneeetze mussen.
- Fann eng technesch Léisung zum Problem, andeems du eng Zeechnung oder eng Skizz vun enger Maschinn méchs.
- Är Erfindunge gi kuerz virgestallt. Erklär niewent der Funktionsweis, awéiwäit d'Allgemengwuel, Rechter, Pflichten a Wäerter ewéi Gläichberechtigung a Gerechtegkeet vun denger Erfindung betraff sinn.
- Uerdent är Zeechnungen engem Thema zou. Wat fir eng Theme sinn der Klass fir d'Zukunft wichteg?

Iddiekëscht

- Verbesser de mënschleche Kierper.
- Bau en Haus méi séier a méi bëlleg.
- Entwerf eng Erfindung, déi d'Liewe méi schéin, méi agreabel a besser mécht.
- Design d'Schoul vun der Zukunft.

Weiderféierend Froen zum Gedankenexperiment

- Geet et der Mënschheet duerch Technik a Fortschrëtt besser oder méi schlecht? Sich no Beispiller an der Vergaangenheet an haut.
- Bréngt d'Technik Fortschrëtt? Oder tauchen nëmmen aner Problemer op?
- Wéi wier e Liewe ganz ouni Technik?
- Wat fir eng Technik hätten deng Grousseltere sech ni virstelle kënnen?
- Stell dir eng Welt vir, an där all kierperlech Tätigkeeten duerch Maschinnen ausgeféiert ginn.

E Gedankesprong an d'Zukunft

- Wéi wier et, wann ee mënschenänlech Robotere géing erfannen, déi Gefiller a e Bewosstsinn hunn? Wat kéinten d'Problemer oder d'Virdeeler sinn?
- Hätte mënschenänlech Roboteren och Mënscherechter?

TAGEBUCHANTRÄG AUS DER ZUKUNFT

Léift Tagebuch,

Jenny Pinto • online

wéi ech gëschter wéi ech heemkomm sinn d'*Mondscheinsonate* vum Beethoven héieren hunn, huet dat mech fir d'éischt emol krass emotional gestëmmt. Ech hu vum begréngte Balcon vu mengem Héichhaus *Vertikale Stadbesch IV* op d'Alstad gekuckt an ech konnt bal net anescht ewéi kräischen. Normalerweis spillt iwverhaapt keng Musek, wann ech heemkommen. Mee dës Kéier hat mäi Perséinleche Gesondheets-Screener (PGS) decidéiert, mech dee Moment mat mengem Erënnerungen ze konfrontéieren, déi mat dëser Musek verbonne sinn. Du muss wëssen, mäi Bop war Pianoproff ... Also, mäi PGS weess, wéini et am beschten ass, bestëmmt Erënnerungen ervirzeruffen a wéini ech an der richteger Stëmmungslag sinn, fir aus mengem Erënnerungen ze léieren.

Wann ech mech mat deem vergläichen, wat mir aus der aler Geschicht kennen, kann ech mir eigentlech net wierklech virstellen, wéi d'Leit iwverhaapt mat hirem Liewen, loosse mer soen deemools ëm d'Joer 2100, zurechtkomm sinn.

Mir hunn haut vill méi Zäit, fir eis eisen Aktivitéiten ze widmen, déi wierklech eist vollt mënschlecht Potenzial entwéckelen. Sonndes owes soen ech dem Deli-Robo, wat ech an den nächsten Deeg gär géing iessen an hie këmmert sech ëm de Rescht. E stellt mäi Menü fir déi ganz Woch zesummen a bereet en zur richteger Zäit vir. E synchroniséiert meng Molzechte mat KALI, menger Kalenner-App. Heiansdo benotzt e guer keng vu menge Liblingszutaten. Dat ass awer net schlëmm! Well den Deli-Robo mat mengem PGS a menger Fitness-App verbonnen ass, weess e vill besser ewéi ech selwer, wat ech wéini sollt iessen.

Well d'Gesondheet vun all de Biergerinnen iwverwaacht gëtt, musse mir dem Deli-Robo seng Virschléi befollegen. De Gesondheets-Screener huet zu all Moment e genauen Iwwerbléck iwver eis gesamt Gesondheetsdonnéeën. Wa meng Wäerter iwver e Mount laang kritesch bleiwen, gëtt mäi Grondakomes gekierzt. Wa se méi laang schlecht bleiwen, da muss ech an d'Reha goen. Nëmme sonndes gëtt kee Screening gemaach. Da ginn ech mat Bekannten an e schicke Selfservice.

Meng KALI-App weess nach vill méi iwver mech. Se kennt meng Wënsch an Ziler an huet e genauen Iwwerbléck iwver meng aktuell Aufgaben an Terminer. D'KALI-App weess och genee, wat ech zu wat fir engem Moment maache sollt, fir mech ze optimiséieren. Elo grad hunn ech zum Beispill 30 Minutte geschafft an 20 Minutte meditéiert, éier ech u menger holografescher Podcast-Episod fir eis oppen Newsplattform geschafft hunn.

Muer ass iwwregens Freideg. Zanter ongeféier 15 Joer schafft freides kee méi. Freides ass nämlech Welt-Demokratiedag. Da besicht jiddereen d'Biergerinne-Réit. De Biergerinne-Rot moies kënnen mir eis selwer auswielen. Ech hunn een iwver déi unhalend Klimakris erausgewielt. Deen nomëttes huet en Algorithmus mir attribuéiert, fir datt ech en Abléck an Theme kréien, déi mech bis elo op menge soziale Medien oder a Streamingservicen net interesséiert hunn: A mengem Fall war dat kënschtlech Intelligenz, Urban Gardening an Altersfleeg. Et muss een un de Biergerinne-Réit deelhuelen, fir säi Grondakomes iwverwisen ze kréien.

Zanter mir un de Réit deelhuelen, hu vill Leit den Androck, datt jidderee méi frëndlech an och méi glécklech ass. Ech op d'mannst hunn d'Gefill, datt mir een deem anere méi vertrauen. Verschidde Leit soen, datt se sech manner eleng fillen ewéi fréier. An dëst Vertraue gëtt eis d'Gefill, an enger Gemeinschaft ze liewen. Mäi Bopa huet allerdéngs ëmmer behaupt, datt fréier alles besser war. Majo ... Fréier, esou gëtt gezielt, hätte sech nëmme wéineg Leit berufflech ëm Politik gekëmmert. Et huet ee se „Politiker“¹ genannt. Et ass schwéier sech virzustellen, wéi dat alles soll funktionéiert hunn! Hautdesdaags sinn déi meescht vun eis un Entscheedunge bedeelegt. Jidderee kritt d'Chance, fir dräi Méint Verriederin a senger Gemeng ze ginn. D'Leit ginn op Basis vu Kompetenzen ausgewielt, déi bei de Freides-Diskussiounen bewäert ginn: d'Fäegkeet, nozelauschteren a Problemer ze analyséieren, d'Fäegkeet, Kompromësser anzegoen a schliisslech d'Fäegkeet, sech auszudrécken.

Well ech an der Gemengenaarbecht gutt bewäert gouf, hätt ech Luxembourg-City fir déi nächst Méint um Niveau vun der Groussregioun kënnen verrieden, mee ech hu mech entschloss, dës Aufgab u mäi beschte Frënd, de Charel, ze delegéieren. Leider war mäi Bopa deemools grad gestuerwen. E war grad 150 Joer al ginn an hat sech geweigert, sech Nanoroboter asprézen ze loossen, déi säi Liewen nach ëm Joerzëngte verlängert hätten. E wëilt ganz Mënsch bleiwen, hat e gesot. Als Klimaflüchtling huet e mir e Liewen an Europa erméiglecht. Dofir wollt ech säi leschte Wonsch erfüllen a seng Äsche genau do virun der Küst vun Ostafrika verstreeën, wou fréier säin Duerf stoung. Dat war mir wichteg. Et sollt ee wëssen, vu wou een hierkënn. An et wäert sech geschwënn nach eng Geleeënheet erginn, fir fir d'Bewunnerinne vun der Groussregioun ze schaffen. Ausserdeem ass et dem Charel säin Dram, eis Regioun eng Kéier op héchstem Niveau – am Héije Rot vun der Mënschheet – ze verrieden. D'Aarbecht am Regionalrot ass fir hien en éischte Schratt an déi Richtung. Sou, léift Tagebuch, dat wär et fir haut. Ech muss mech nach op de Biergerinne-Rot vu muer virbereeden!

¹ Fréier huet een nach de generesche Maskulinum benotzt, fir e Grupp ze bezeichnen. Zanter enger Ofstëmmung iwver d'Orthografie virun e puer Honnert Joer benotze mir de generesche Femininum, dee souwisou déi männlech Form am Wuertstamm beinhalt.



Logbuch vun der Copernicus //////////////// Charel Muller

Ech sinn elo zanter véier Méint Ingenieur am Space-Mining-Programm a sinn zurzäit an der Äerdëmlafbunn op der Spacestation Copernicus stationéiert. Ech hëllef, waasserräich Asteroiden anzefänken. Eleng bei menger aktueller Missioun bedeit dat, H₂O am Wäert vun dräi Billioune GLOBIES (fënnef Billioune fréier €) ze férdere. De Mining erlaabt et dem Héije Rot vun der Mënschheet, en universaalt Grondakommes auszebezuelen.

Wann ech aus der Panoramafënster kucken, gesäit eise bloe Planéit do ënne ganz kleng an zerbruechlech aus. Dat huet mir eng nei Perspektiv ginn. Mäin absoluten Dram ass et dowéinst, enges Daags Member vum Héije Rot vun der Mënschheet ze ginn. Fir dat ze erreechen, schaffen ech iwwee d'GovApp reegelméisseg u Politikvirschléi. Am Héije Rot diskutéiert een d'Erausfuereungen, virun deene mir all an den nächste zwanzeg Joer stinn. E vermittelt tëschen deene verschidde Weltregiounen, setzt politesch verbindlech Ziler a verdeelt de Budget fir Fuerschungsprojeten.

Fréier huet ee misse bei esou groussen Treffte vu Politikerinne Grenze berücksichtegen, also dat, wat een deemools „Länner“ genannt huet. Mee zanter et d'Méiglechkeet gëtt, lokal mat Nopeschgemengen ze kooperéieren, sinn dës Grenze verschwonnen. Dowéinst erschéngt eis haut och d'Iddi vun enger Nationalitéit iergendwéi komesch.

Eng Linn an der Landschaft soll Leit definéieren? Meng Generatioun ka sech opgrond vun den Erausfuereungen, virun deene mir stinn, nëmme schwéier virstellen, datt sech fréier Zaldotinne wéinst Grenze géigesäiteg ermort hunn. Et ass jo net wéi wa Grenze jee Aarmut, Pandemien oder d'Klimakatastroph gestoppt hätten! Glécklecherweis kennen ech gréisser Konflikter eigentlech nëmme aus dem Musée ...

Virun enger Woch huet den Héije Rot decidéiert, 20 Milliarde Globi fir weltwäit Fuerschungsprojeten auszeginn, déi fir interstellar Fuerschung, Bildung, medezinesch Fuerschung an d'Bekämpfung vun der Klimakris an dem Aartestierwe virgeschlo goufen. Déi meescht Biergerinne sinn ausserdeem houfereg, all Mount e kleng Montant anzebezuelen, fir esou Projeten ze ënnerstëtzen. An ech weess aus menger Erfahrung als Kosmonaut: Mir hunn nëmme dës Planéit, dee mir alleguerten als eis Heemecht bezechne kënnen. D'Koloniséiere vun äerdänleche Planéiten ass den Ament ëmmer nach Zukunftsmusek!

O, meng KALI-App rífft! Ech muss mech elo an de Regionalrot bäischalten.

Text: Philippe Ternes //////////////// Steve Hoegener



- Wat fir eng Iddie gefalen dir oder stéieren dech? Benotz zwou verschidde Faarwen. Diskutéiert zesummen an der Klass: Ass dës Zukunftszenario wëschenswäert?
- Ass et wëschenswäert, d'Gesondheitsdonnéeën an d'Interessie vun de Bierger*inne stänneg ze iwverwaachen? Wou leien d'Virdeeler a wat sinn d'Geforen?
- An dësem Zukunftszenario gëtt et keng Grenzen an also och keng Nationalstaate méi. Wéi wichteg sinn dir deng Nationalitéit an dän Hierkonftsland? Erklär firwat.
- Am Zukunftszenario schaffe ganz Weltregiounen zesummen. An Europa versicht d'Europäesch Unioun, déi tëschestaatlech Zesummenaarbecht ze verbesseren an e Gefill vun der Zesummegehéiregkeet ze schafen. Fills du dech europäesch?
- Wéi stells du dir eng EU vun der Zukunft vir? A wat fir enge Beräicher sollt an Zukunft méi zesummege schafft ginn?



- Verfaasst zu zwee an zwee selwer Tagebuchantrëg aus der Zukunft a gestalt se als Hörspill.

duerchbléck!

Impressum

Éditeur:

Zentrum fir politesch Bildung,
Fondation d'utilité publique, RCSL G236
138, boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
info@zpb.lu
www.zpb.lu

Redaktiounsteam:

Steve Hoegener, Daniel Weyler

Bildquellen:

S. 4: Hugo Gernsback,
bearbescht Foto: Alfred Eisenstaedt 1963.

Layout an Design:

Bakform

Läscht Kontroll vun de Links: 19.04.2024

Den ZpB assuméiert keng
Responsabilitéit fir de Contenu
vun Internetsäiten, op déi
verwise gëtt.